CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 JUIL. 2019
895

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Wéi eis vun Dokteren an Apdikter zougedroe gouf, gëtt et am Moment eng Uweisung vum Ministère fir keng nei Schmäerzpatiente fir eng Cannabistherapie zouzeloossen, wéinst enger Rupture de Stock beim Fournisseur vu medezineschem Cannabis. Och fir Patienten, déi sech aktuell schonn enger Therapie ënnerzéien, kéint et an nächster Zäit schwéier ginn, fir d'Medikatioun fortzesetzen, well de Stock an den nationale Spidolsapdikten eisen Informatiounen no an den nächste Woche wäert opgebraucht ginn an nei Liwwerunge fréistens am September ze erwaarde sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister dës Informatioune confirméieren?
2. Wat sinn d'Grënn fir den aktuelle Liwwerenkpass?
3. Wéi vill Patiente ginn aktuell mat medezineschem Cannabis behandelt?
4. Wéi eng Alternative ginn dëse Patienten am Fall vun enger Rupture de Stock proposéiert?
5. Wéi eng Pläng huet de Minister fir esou Liwwerenkpäss an Zukunft ze evitéieren an all Patient eng Kontinuitéit a senger Behandlung garantéieren ze kennen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (12.07.19)**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 12 juillet 2019

Objet : Question parlementaire n° 895 du 12.07.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Rupture de stock du cannabis médical

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés